



# Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.

52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24

E-mail: [flq@pt.lu](mailto:flq@pt.lu) - Website: [www.flq.lu](http://www.flq.lu)

Fondée en 1961 - Affilié au C.O.S.L. - Affilié à la F.I.Q. - WTBA - WNBA - NBN - EBFU

## FLQ-Events

### Wourëms geet et ?

FLQ-Events soll en neie Grupp an der FLQ ginn an dozou d'Organisatioun vun Evenement méi einfach a méi effizient ze machen.

Wa mär Leit froen fir sech an der Federatioun ze engagieren, kruten mär schon des öfteren d'Äntwärt, dass di ugesprache Persoun sech net bindend wëll engagieren, awer bereed wier, bei verschiddeenen Organisatiounen eng Hand unzepaken. Ganz oft denke mär awer net, oder mär kënnen eis net erënneren, bei der nexter Organisatioun dës Leit e kontaktieren.

Dofir wëlle mär eng Datebank mat den Nimm an den Adressen vun dëse Leit opstellen.

### Protection des données personnelles

Fir am Aklang mat dem Gesetz ze sinn, däerf dës Datebank nëmmen um Computer vun der FLQ ofgespäichert sinn.

Wa Leit gebraucht ginn, gëtt eng E-Mail vun dem Büro vun der FLQ verschéckt.

### Zu wat engagieren ech mech, wann ech mech aschreiw loosse?

Et engagéiert een sech direkt zu **guer näischt**. Wann en Evenement, bei dem Hëllëf gebrauch gëtt, usteet, da gëtt een via e-mail vun dem Büro vun der FLQ informéiert. Wann een dann Zäit a Loscht huet fir bei dem Evenement ze hëllëfen, da mellt een sech zréck. Dono gëtt een an eng Informatiounsversammlung agelueden, wou een sech dann entscheede kann op ee mathëllëft.

### Wéi kann ech mech aschreiw?

Via e-mail un [flq@pt.lu](mailto:flq@pt.lu)

Et kann e sech och als Klub aschreiw.

Fir eventuell Froe/Präzisioune sti mär iech gären zur Verfügung.

### Partenaires de la F.L.Q.

